ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 12. Mee 2022

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro **(Artikel 81)** un den Här Premierminister an un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

Am Kalenner vun der Affär ëm e Gaardenhaischen zu Déifferdeng gëtt et Ongereimtheeten. Op engem Lëtzebuerger Radio huet d'Madamm Justizminister bestätegt, datt si déi deemoleg Ëmweltministerin iwwer de Schrack vum Parquet fir där hir Unhéierung méiglech ze maachen a Kenntnis gesat hätt, an zwar nach ier d'Deputéierten doriwwer informéiert gi wären. Doriwwer hunn ech dës Froen:

1. Ass an der Prozedur, fir e Minister an enger juristescher Affär ze héieren, virgesinn, datt dee betraffene Minister am Virfeld vun der Demande vum Parquet un d'Chamber informéiert gëtt?
2. Wann nee, wat sinn d'Grënn firwat dee betraffene Minister net virun der Chamber vun der Demande vum Parquet soll wëssen?
3. Wär, wann eng Informatioun vum betraffene politesche Responsabele virgesi wär, dat, am Sënn vun der Gewaltentrennung, net ausschliisslech d'Aufgab vum Parquet?
4. Falen d'Demarchë vum Parquet an hiert geplangtent Virgoen an esou engem Fall ënnert de „Secret d'instruction"? Ass dëse „Secret d'instruction"an dësem Fall net respektéiert ginn?
5. Ass et normal Praxis, datt de Justizminister iwwert eng lafend Affär vum Parquet informéiert gëtt ?
6. Wéi huet d'Madamm Minister d'Informatioun iwwert dës Demande kritt? Iwwert de Procureur général? Iwwert en anere Vertrieder vum Parquet? Iwwert hire Ministère. Oder iwwert en anere Wee?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten